Réponse de Monsieur le Ministre de la Défense à la question parlementaire n° 4540 du 24 juin 2021 de l'honorable Député Fernand Kartheiser au sujet du « Matériel militaire »

Zur Fro 1:

Och wann d'Potential vu Robotertechnologien erkannt ass, brauche mer awer ganz kloer an onmëssverständlech international verbindlech ethesch an deontologesch Reegelen, baséierend op dem humanitäre Vëlkerrecht an den internationale Menscherechtsofkommessen, fir kënschtlech Intelligenz an autonom Waffesystemer am militäresche Beräich anzesetzen. D'Regierung ass strikt géint eng Verselbststännegung vun autonome Waffesystemer, a setzt sech dofir an de relevanten UNO-Gremien an.

Eis prinzipiell Positioun ass dass de Mënsch ëmmer muss d'Kontroll behalen an a leschter Instanz iwwert den Asaz vun alle Waffen, also och vun dëse Waffen, entscheeden.

Zu dësem Zäitpunkt existéiert nach keen operationellt Konzept bei onse Referenzpartner wéi Robotertechnologië sollen agesat ginn. Wann sech awer e kloren Wee zeechent dee kompatibel ass mat onsen etheschen an deontologesche Wäerter wäerte mer dëse Sujet weider entwéckelen.

Zur Fro 2:

Lëtzebuerger Know-how kann an dësem Beräich iwwert europäesch Programmer afléissen déi vun der Europäescher Kommissioun geréiert ginn. D'Lëtzebuerger Défense plangt awer zu dësem Zäitpunkt net hier Kompetenzen do verstäerkt anzebréngen.

Zur Fro 3:

Ons Arméi huet Dronen an ass am Gaang sech an dësem Beräich weider ze entwéckelen. Et ass ze ënnersträichen dass dës Drone weder arméiert, nach autonom sinn, mee der renger Observatioun déngen.

De Service de déminage vun der Arméi huet zu dësem Zäitpunkt fënnef ferngesteiert Maschinne fir d'Asätz. Des Weideren ass geplangt dëse Service mat Mikrodronen auszerëschten. Dës Mikrodrone gi gebraucht fir d'Iwwerwaache vun engem Zerstéierungs-Site ze maachen, fir sécherzestellen dass keng Leit sech onerlaabterweis Zougang zu enger gespaarter an evakuéierter Zon verschaaft hunn.